



Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. August 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Zuel vun de Schüler mat besonnesche Bildungsbedierfnesser schénkt an de leschte Joren zouzehuelen. D'Regierung huet selwer op eng konstant quantitativ a qualitativ Erhéijung vun de Besoine vun de Schüler higewisen. Gläichzäiteg goufen an de leschte Jore wesentlech méi personell Ressourcen an dësem Beräich agesat: D'Zuel vun den Agenten, déi am Dispositiv fir d'Ënnerstëtzung vu Schüler mat besonnesche Bildungsbedierfnesser agesat sinn, ass laut Ministère vu 645 am Joer 2017 op 1.902 am Joer 2025 geklommen.

Am Enseignement fondamental ginn déi vun der Inklusiounskommissioun festgeluechte Betreuingsmoosnamen am individualiséierte Betreuingsplang (PPCI) vum Schüler festgehalten. De PPCI gëtt am géigesäitegen Accord tëscht der Inklusiounskommissioun an den Elteren ugeholl a reegelméisseg, op d'mannst all Joer, evaluéiert.


Am Enseignement secondaire ginn déi entspriechend Moosnamen am individualiséierte Bildungsplang (PFI) festgehalten. Dëse gëtt am géigesäitegen Accord tëscht der Inklusiounskommissioun, dem Schüler an den Elteren ugeholl an all Joer evaluéiert.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Schüler hunn am Schouljoer 2025/2026 am Enseignement fondamental respektiv am Enseignement secondaire vun engem Plan de prise en charge individualisé (PPCI) respektiv engem Plan de formation individualisé (PFI) profitéiert?
2. Wéi huet sech d'Zuel vun de Schüler mat engem PPCI respektiv PFI an de leschten zéng Schouljoren entwéckelt? Kann den Här Minister fir all Schouljoer d'Zuel vun de betraffene Schüler an hiren Undeel un der Gesamtziel vun de Schüler uginne? Falls d'Definitioun oder d'Erfaassung vun dëse Pläng sech am Laf vun dëser Period geännert huet, wéi eng Ännerunge sinn hei ze berécksiichtegen?
3. Wéi verdeele sech d'Schüler mat engem PPCI respektiv PFI regional an op déi eenzel Lycéeën? Kann den Här Minister eng detailléiert Opstellung mat de jeeweilige Fallzuelen an dem Undeel un der Gesamtziel vun de Schüler zur Verfügung stellen? Fir den Enseignement fondamental: Ginn dës Donnéeën och um Niveau vun den eenzelne Grondschoulen erhuewen, obwuel d'Inklusiounskommissioun regional organiséiert sinn?

4. Wéi erkläert d'Regierung d'Entwécklung vun der Zuel vun de Schüler mat engem PCI respektiv PFI? A wéi engem Mooss kann dës Entwécklung, nieft enger tatsächlecher Zounam vun de Besoinen, och duerch d'Zounam vun der Schülerpopulatioun, eng méi fréi oder verbessert Detektioun an Diagnostik, eng verstärkte Sensibiliséierung oder den Ausbau vun den Ënnerstützungsstrukturen erkläert ginn?
5. Ginn et bedeitend Ënnerscheeder tëscht de Regiounen, Grondschoulen oder Lycéeën? Wa jo, wéi bewäert de Ministère dës Ënnerscheeder a wéi eng Konsequenzen huet dat fir d'Verdeelung vun de Personalressourcen an déi konkret Ënnerstëtzung vun de betraffene Schüler?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4662 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup

1. Wéi vill Schüler hunn am Schouljoer 2025/2026 am Enseignement fondamental respektiv am Enseignement secondaire vun engem Plan de prise en charge individualisé (PPCI) respektiv engem Plan de formation individualisé (PFI) profitéiert?

Am Schouljoer 2025/2026 gouf fir 5.301 Schüler an der ëffentlecher Grondschoul op d'mannst eng Ënnerstëtzungsmoosnam am digitale Schülerdossier festgehalen, déi vun enger Inklusiounskommissioun (CI) am Kader vun engem individualiséierte Betreuungsplang (PPCI) bestëmmt gouf.

An den ëffentleche Lycéeë gouf fir 1.418 Schüler op d'mannst eng Ënnerstëtzungsmoosnam am digitale Schülerdossier festgehalen, déi vun enger Inklusiounskommissioun am Kader vun engem individualiséierten (Aus-)Bildungsplang (PFI) bestëmmt gouf.

2. Wéi huet sech d'Zuel vun de Schüler mat engem PPCI respektiv PFI an de leschten zéng Schouljoren entwéckelt? Kann den Här Minister fir all Schouljoer d'Zuel vun de betraffene Schüler an hiren Undeel un der Gesamtzuel vun de Schüler uginn? Falls d'Definitioun oder d'Erfaassung vun dëse Pläng sech am Laf vun dëser Period geännert huet, wéi eng Ännerunge sinn hei ze berécksiichtegen?

Schouljoer	Unzuel u Schüler, déi vun op d'mannst enger Ënnerstëtzungsmoosnam profitéiert hunn, déi vun enger Inklusiounskommissioun bestëmmt gouf	
	Grondschoul (CI EF)	Lycéeë (CI ES)
2021/2022	1.383	1.357
2022/2023	1.575	2.419
2023/2024	2.574	2.441
2024/2025	2.770	2.161
2025/2026	5.301	1.418

Bei der Interpretatioun vun dësen Zuele muss berécksiichtegt ginn, datt d'Methodologie vun der Erfaassung am Laf vun der Period weiderentwéckelt gouf an d'Zuelen dofir net iwwer déi ganz Period direkt matenee verglach kënnen ginn.

Bis zum Schouljoer 2024/2025 hunn déi disponibel Zuele virun allem d'Schüler erfaasst, déi effektiv vun enger zousätzlecher Hëllef duerch eng Equipe de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques (ESEB) profitéiert hunn. Mat der progressiver Aféierung vun neien digitalen Instrumenter fir d'Erfaassung an d'Dokumentatioun vun de Moosnamen, besonnesch zanter dem Schouljoer 2025/2026, ass et méiglech ginn, sämtlech Ënnerstëtzungsmoosnamen, déi vun den Inklusiounskommissiounen am Kader vun engem PPCI respektiv PFI festgehalen ginn, méi ëmfaassend, differenzéiert a präzis ze erfaassen.

Fir d’Grondschoul erkläert dës methodologesch Weiderentwécklung zu engem wesentlechen Deel den däitlechen Ënnerscheed tëscht de Schouljoren 2024/2025 an 2025/2026. Zanter 2025/2026 ginn net méi nëmmen déi direkt Ënnerstëtze berüchsichtegt, déi duerch d’ESEB assuréiert ginn, mee méi generell déi vun den Inklusiounskommissiounen festgeluechten an digital dokumentéiert Ënnerstëtzungsmoossnamen. Déi däitlech Erhéijung vun der Zuel ass deemno net als entspriechend Erhéijung vun der Zuel vu Schüler mat spezifesch Bildungsbedierfnesser bannent engem eenzege Schouljoer ze interpretéieren.

Fir den Enseignement secondaire ass déi aktuell Entwécklung vun den Zuelen och am Kontext vun dëser methodologescher Ëmstellung ze gesinn. De Wiessel vun enger Erfaassung, déi sech haaptsächlech op d’Ënnerstëtzung duerch d’ESEB baséiert huet, op eng méi systematesch Erfaassung vun de Moossnamen, déi vun den Inklusiounskommissiounen vun de Lycéeën bestëmmt an digital dokumentéiert ginn, ass nach an enger Iwwergangsphas. Parallel dozou goufen déi bestoend Datebestänn aktualiséiert a konsolidéiert. Déi aktuell Zuele kënnen dofir net als reelle Réckgang vun der Zuel vun de betraffene Schüler interpretéiert ginn. Mat der weiderer Harmoniséierung vun der digitaler Erfaassung ass dovun auszegoen, datt sech d’Donnéeën progressiv stabiliséieren.

Duerch dës Weiderentwécklung vun der Datenerfaassung verfuegt de Ministère haut iwwer däitlech méi detailléiert a präzis Informatiounen iwwert de Fonctionnement vum Dispositif. Dës ginn transparent an der ëffentlecher Online-Iwwersiicht *Les chiffres clés de l’inclusion scolaire* zur Verfügung gestallt. Nieft den Ënnerstëtzungsmoossnamen an der Zuel vun de betreite Schüler kënnen do och Informatiounen iwwert déi personell Ressourcen an déi verschidden Acteure vum Dispositif consultéiert ginn. Dës Informatiounen sinn och iwwer de Guichet fir déi schoulesch Inklusioun ënnert www.inclusion-scolaire.lu accessibel.

3. Wéi verdeele sech d’Schüler mat engem PPCI respektiv PFI regional an op déi eenzel Lycéeën? Kann den Här Minister eng detailléiert Opstellung mat de jeeweilege Fallzuelen an dem Undeel un der Gesamtzuel vun de Schüler zur Verfügung stellen? Fir den Enseignement fondamental: Ginn dës Donnéeën och um Niveau vun den eenzelne Grondschoulen erhuewen, obwuel d’Inklusiounskommissiounen regional organiséiert sinn

Fir d’Schouljoer 2025/2026 kënnen déi entspriechend Donnéeën an der ëffentlecher Online-Iwwersiicht *Les chiffres clés de l’inclusion scolaire* consultéiert ginn.

Duerch déi méi detailléiert digital Erfaassung kënnen dës Donnéeën no verschiddene Krittären ausgewäert ginn. Fir d’Grondschoul ass eng Auswäertung no regionaler Grondschouldirektioun méiglech; fir den Enseignement secondaire kënnen d’Donnéeën no Lycée ausgewisen ginn.

Op Basis vun den Donnéeën, déi vun den Inklusiounskommissiounen (CI) digital erfaasst goufen, ergëtt sech op de 16.07.2026 folgend Verdeelung vun de Schüler mat op d’mannst enger Ënnerstëtzungsmoossnam am Kader vun engem PPCI respektiv PFI:

Grondschoul – no regionaler Grondschouldirektioun:

<i>Regional Grondschouldirektioun</i>	<i>Unzuel u Schüler</i>
DR01	563
DR02	511
DR03	395
DR04	457
DR05	300
DR06	190

DR07	311
DR08	254
DR09	201
DR10	213
DR11	253
DR12	231
DR13	316
DR14	454
DR15	652

Secondaire – no Lycée:

Lycée	Unzuel u Schüler
Athénée de Luxembourg	< 5
Atert Lycée Redange	11
Bouneweger Lycée	30
École de Commerce et de Gestion	< 5
École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg	7
École internationale de Differdange et d'Esch-sur-Alzette	260
École internationale Gaston Thorn	< 5
École internationale Mersch Anne Beffort	< 5
École internationale de Mondorf-les-Bains	67
École nationale de santé du Luxembourg	36
Lycée des Arts et Métiers	48
Lycée Aline Mayrisch	33
Lycée Bel-Val	82
Lycée Classique de Diekirch	36
Lycée Classique d'Echternach	12
Lycée Edward Steichen Clervaux	91
Lycée de Garçons d'Esch-sur-Alzette	26
Lycée Guillaume Kroll	81
Lycée de Garçons de Luxembourg	< 5
Lycée Hubert Clément	8

Lycée Josy Barthel Mamer	35
Lënster Lycée International School	77
Lycée Mathias Adam	72
Lycée / International School Michel Lucius	< 5
Lycée Michel Rodange	5
Lycée du Nord	36
Lycée Nic-Biever	< 5
Lycée Robert Schuman	8
Lycée Technique agricole	9
Lycée Technique du Centre	45
Lycée Technique d'Ettelbruck	32
Lycée Technique de Lallange	20
Lycée Technique pour Professions Educatives et Sociales	49
Maacher Lycée	5
Nordstad-Lycée	130
Sportlycée	< 5
Schengen-Lyzeum Perl	41

Dateschutz: Fir all indirekt Identifikatioun ze vermeiden, ginn Zuele vu manner wéi fënnef Schüler als « < 5 » ugewisen, ouni déi genee Zuel unzeginn.

Fir d'Grondschoul ginn déi zoustänneg Donnéeën och um Niveau vun den eenzelne Schoulen digital erfaasst. Bei der ëffentlecher Duerstellung vun den Donnéeën gëtt allerdéngs drop opgepasst, datt de Schutz vu perséinlechen Donnéeën an d'Vemeidung vun enger indirekter Identifikatioun vun eenzele Schüler garantéiert bleiwen.

Déi presentéiert Verdeelung ass ausserdeem als deskriptiv Informatioun ze verstoen. Differenzen tëscht Regiounen oder Lycéeën kënnen net ouni Weideres als Differenzen am tatsächleche Bedarf oder an der Qualitéit respektiv Intensitéit vun der Ënnerstëtzung interpretéiert ginn.

4. Wéi erkläert d'Regierung d'Entwécklung vun der Zuel vun de Schüler mat engem PCI respektiv PFI? A wéi engem Mooss kann dës Entwécklung, nieft enger tatsächlecher Zounam vun de Besoinen, och duerch d'Zounam vun der Schülerpopulatioun, eng méi fréi oder verbessert Detektioun an Diagnostik, eng verstärkte Sensibiliséierung oder den Ausbau vun den Ënnerstëtzungsstrukturen erkläert ginn?

D'Entwécklung vun der Zuel vun de Schüler, déi vun Ënnerstëtzungsmoossnamen am Kader vun engem PPCI respektiv PFI profitéieren, muss am Kontext vun der konsequenter Weiderentwécklung an dem Ausbau vum Dispositif fir Schüler mat spezifesch Besoinen betruecht ginn.

D'Regierung huet an de leschte Jore substanziell an dësen Dispositif investéiert, besonnesch duerch eng däitlech Verstärkung vun de personelle Ressourcen an den Ausbau vun den Ënnerstëtzungsstrukturen. Dës Entwécklung verbessert engersäits d'Méiglechkeeten, spezifesch Besoinen méi fréi an differenzéiert ze erkennen, an erméiglecht anersäits, méi Schüler eng Ënnerstëtzung unzebidden, déi hire jeweilege

Bedierfnesser entsprécht. D'Erhéijung vun der Zuel vun de betreite Schüler ass deemno och als Resultat vun enger méi grousser Kapazitéit an Accessibilitéit vum Dispositif ze verstoen.

Dobäi kënnt eng verstärkte Sensibiliséierung an Informatioun vun den Elteren an de Professionellen. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an de Service national de l'éducation inclusive (SNEI) hunn an de leschte Joren eng Rei Initiativen an deem Beräich ëmgesat. Dozou gehéiert ënner anerem d'Schafe vun engem zentrale Guichet fir déi schoulesch Inklusioun, deen den Zougang zu Informatiounen an zum Dispositif fir Elteren a Schüler vereinfacht an och administrativ Demarchë méi accessibel mécht.

Et besteet deemno eng kohärent Dynamik tëscht enger besserer Informatioun an Detektioun vun de Bedierfnesser op där enger Säit an enger Verstärkung an Ausweidung vun der Offer op där anerer Säit. Dës Entwécklung féieren dozou, datt haut méi Schüler identifizéiert ginn an effektiv vun enger ugepasser Ënnerstëtzung profitéiere kënnen.

An deem Kontext ass et wichteg ze präziséieren, datt déi virleidend Zuelen net d'Prevalenz vu spezifesch Besoinen an der Kanner- a Jugendpopulatioun zu Lëtzebuerg duerstellen. Si bezéie sech op Schüler, bei deenen entspriechend Bedierfnesser identifizéiert goufen an déi effektiv vun enger Moosnam am Kader vum Dispositif profitéieren. Eng Erhéijung vun dësen Zuele kann deemno net ouni Weideres mat enger entspriechender Erhéijung vun der Prevalenz vu spezifesch Besoinen gläichgesat ginn.

5. Ginn et bedeitend Ënnerscheeder tëscht de Regiounen, Grondschoulen oder Lycéeën? Wa jo, wéi bewäert de Ministère dës Ënnerscheeder a wéi eng Konsequenzen huet dat fir d'Verdeelung vun de Personalressourcen an déi konkret Ënnerstëtzung vun de betraffene Schüler?

Et kënnen Ënnerscheeder tëscht de Regiounen, Schoulen a Lycéeën festgestallt ginn. D'Zuel vun de Schüler respektiv vun de Moosnamen eleng erlaabt et allerdéngs net, Réckschlëss op den tatsächlechen Ëmfang oder d'Intensitéit vun der Ënnerstëtzung ze zéien.

Schüler mat spezifesch Besoinen weisen ënnerschiddlech an heterogen Profiller op. D'Ënnerstëtzung gëtt dofir individuell un déi effektiv Bedierfnesser vum jeeweilege Schüler ugepasst. Nieft dem individuelle Profil spille weider kontextuell Facteuren eng Roll, wéi déi schonn an der Schoul oder am Lycée disponibel Ressourcen, d'Zesummesetzung vun den Equipen respektiv vun der Schoulpopulatioun, grad ewéi infrastrukturell an organisatoresch Gegebenheeten.

D'Verdeelung vun de personelle Ressourcen erfollegt deemno net op Basis vun engem reng quantitative Schlëssel, deen automatesch un d'Zuel vun den Dossieren oder de Schüler mat enger Ënnerstëtzungsmoosnam gekoppelt wier. Si orientéiert sech um Zil, de Schoulen, de regionalen Direktiounen an de Lycéeën déi néideg Kapazitéiten zur Verfügung ze stellen, fir eng adequat Ënnerstëtzung vun de Schüler an hire Gebaier kënnen ze organiséieren. Dobäi ginn ënner anerem déi schonn disponibel Ressourcen an déi konkret Bedierfnesser berücksichtegt, déi vun de Schoulen, de Regiounen, de Lycéeën an den zoustännegen Inklusiounskommissiounen identifizéiert ginn.

Dofir mussen och Differenzen an de Fallzuelen tëscht de Regiounen oder Lycéeën mat Virsicht interpretéiert ginn: eng méi héich Zuel u betreite Schüler bedeit net automatesch e proportionell méi héije Ressourcëbedarf, an eng méi niddreg Zuel bedeit net automatesch e méi niddrege Bedarf.

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH